PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/04/2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aarbecht weiderzeleeden.

Wéi aus dem Rapport d'activité fir d'Joer 2021 vum Aarbechtsministère ervir geet, goufen deemools 30 Konventiounen mat verschiddenen Organismes gestionnaires d'initiatives sociales (dozou gehéieren z. B. d'CIGLen) ënnerschriwwen, déi insgesamt eng 2.152 Persounen encadréiert haten.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann de Minister schon Zuele fir d'Joren 2022 an 2023 nennen fir déi genannten Ënnerstëtzungsprojeten?
   Wéi vill Konventioune gouf et an dëse Joren a wéi vill Leit hunn dovu profitéiert?

2. Huet de Minister Zuelen, déi den Erfolleg vun dëse Mesuren evaluéieren? Wat waren hei d'Parameteren?

3. Wéi vill vun de Persounen, déi 2021 (an eventuell 2022 an/oder 2023) un enger vun de konventionéierte Mesuren deelgeholl hunn, kruten dono um éischten Aarbechtsmarché eng fest Plaz?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten